Club
Am Schlass
centre de rencontre

| FRÉIJOER |
2023

DE "CLUB AM SCHLASS"
FRÉIJOER 2023

Léif Frënn vum Club Am Schlass,

Esou lues freeë mir eis op méi waarm Deeg, wou d'Natur och méi faarweg a frëndlech wierkt. Dofir loosse mir eis et och net huelen, Iech weider flott Visitten an dëser Broschür ze presentéieren.

Ugefaange, fir déi, déi nach gutt a gären zu Fouss sinn, mat eisen ofwiesslungsräichen Trëppeltier. Do ass och den een oder aneren Tour dobäi, wou mir ee ganzen Dag zesumme verbréngen.

Wann Dir Problemer mam Handy, Tablett oder och Laptop hutt, da sidd Dir ganz richteg bei eis am Smartphone-Café.

Mir sinn och immens frou, datt eise Kino ëmmer méi Succès huet an d'Leit souguer dono nach beim Patt zesumme setzen.

Des Weidere gi mir an e puer ganz flott däitsch Stied, wou mir déi eng oder aner impressionant Visitt hunn. Mee och ee ganz beléifte Kristallmusée a Frankräich steet mat um Programm an awer och déi bekanntste Kellerei vu Lëtzebuerg.

Am Juni fuere mir an dat wonnerschéint Salzburgerland, wou mir ee ganz flotte Programm zesumme gesicht hunn.

Mat eiser Kommissioun 50+ freeë mir eis den alljärlechen Ausfluch ze maachen an eist beschtbekannte Summerfest ze feieren.

Sou an elo iwwerloosse mir Iech et duerch eis Broschür ze bliederen an Iech matrappen ze loosse fir mat eis op den Tour ze goen.

Mir freeën eis op Iech,

Är Equipe vum Club Am Schlass

CHRISTELLE BAILEY & MARGOT JEMMING



→ clubamschlass@bertrange.lu

TRËPPELTIER

mam
Edmond Pansin,
Christelle Bailey &
Margot Jemming



AGENDA

Smartphone-Café

P.01

VISITT
OLDTIMER-
MUSÉE

Bernkastel

P.02

VISITT
BUDDHA
MUSEUM

Traben Trarbach

P.03



VISITT
MUSÉE LALIQUE

Saverne

P.04

FILM
NOMËTTEG

« Tout s'est
bien passé »

P.05

VISITT
VERDUN

Ausfluch
Kommissioun

50+

P.06

#CONTENT

№ 001-002



FILM
NOMËTTEG
"Unsere Seelen
bei Nacht"

P.07



VISITT
BEFORTER
SCHLASS
17. Joerhonnert

P.08

VISITT
DOMAINES
VINSMOSELLE
+ Naturschutz-
zentrum
Biodiversum

P.09



FILM
NOMËTTEG
« Corsage »

P. 10

SUMMERFEST
vun der Kommissioun 50+

P. 11

#CONTENT

№ 003-004

TRËPPELTIER

mam Edmond Pansin,
Christelle Bailey & Margot Jemming

“Jeder, der sich die Fähigkeit erhält, Schönes zu erkennen, wird nie alt werden.” (Franz Kafka)

D’Fréijoer ass do a geschwënn hu mir och bestëmmt scho richteg summerlech Temperaturen, esou dass ee richteg Loscht kritt, zesumme mam Ed nei Weeër duerch eis schéi Bëscher ze entdecken.

D’Departe gitt Dir bei der Umeldung gewuer. Wa mir net am Duerf ginn an Dir keng Méiglechkeet hutt fir selwer op den Treffpunkt ze kommen, versiche mir Iech gären eng Matfuergeleeënheet ze organiséieren.

Konditioun: Gutt zu Fouss

* Vergiesst och wannechgelift net fest Schong a Gedrénks matzehuelen!
D’Participatioun erfollegt op eege Verantwortung.

DATUM	DEPART	DISTANZ
DËNSCHDES, 18|04|2023	DEPART UM 14:00 AUER	5 – 8 KM
DËNSCHDES, 02|05|2023	DEPART UM 14:00 AUER	5 – 8 KM
DËNSCHDES, 16|05|2023	DEPART UM 09:30 AUER GANZEN DAG MAT IESSEN	MOIES 5 - 7 KM MËTTES ± 3 KM
DËNSCHDES, 06|06|2023	DEPART UM 14:00 AUER	5 – 8 KM
DËNSCHDES, 20|06|2023	DEPART UM 14:00 AUER	5 – 8 KM
DËNSCHDES, 04|07|2023	DEPART UM 09:30 AUER GANZEN DAG MAT IESSEN	MOIES 5 - 7 KM MËTTES ± 3 KM

UMELDUNG BIS DE JEEWEILEGEN DAG VIRDRUN. MINIMUM ENG WOCH VIRDRUN WA MIR DEE GANZEN DAG GINN!

PROGRAMM VUN DE VISITTEN

01

Smartphone-Café

croix-rouge luxembourgeoise

Mënschen hëllefen

AGENDA

SMARTPHONE-CAFÉ

Mat GoldenMe a mam Jugendhaus vu Bartreng

01

Hutt Dir eng Fro zu Ärem Smartphone? Wéilt Dir virum Kaf vun engem neie Smartphone, Laptop oder Tablett berode ginn? Oder braucht Dir Hëllef bei de Funktionalitéite vun Ärem Smartphone/ Tablett?

Hei am Smartphone-Café kritt Dir eng individuell Berodung an Hëllefstellung bei Froen zum Smartphone, Tablett a Co. Bréngt ganz ouni Drock Är Froe mat op en entspaanten Nomëtteg a gemittlecher Atmosphär am Café an der Schauwebuerg, an Dir kritt se wärend engem Eenzelgespréich vun 30-40 Minutte beäntwert.

GoldenMe

DE SMARTPHONE-CAFÉ MÉCHT SENG DIEREN OP:

SAMSCHDES, 01|04|2023	VUN 14:00 BIS 17:00	MAISON SCHAUWENBURG
SAMSCHDES, 03|06|2023	VUN 14:00 BIS 17:00	MAISON SCHAUWENBURG

UMELDUNG BIS JEEWEILS ENG WOCH VIRDRUN

VISITT VU BERNKASTEL
OLDTIMER MUSEUM & STADTRUNDFAHRT

02

Bernkastel

ZYLINDERHAUS

EST. 2017

An dësem Musée zu Bernkastel maache mir unhand vun enger gefouerter Visitt vun ongeféier zwou Stonnen eng Rees duerch 90 Joer Automobil Geschicht: vum luxuriéisen Horch 8-Zylinder aus dem Joer 1937, dem éischte Sportswon vun 1957 bis hin zum Audi 100 aus den 1970er Joren. Am Groussen a Ganzen ass d'Zylinderhaus en Erliefnes ganz am Sënn vun der Nostalgie a Léift zum historeschen Automobil. Op dräi Austellungsebene kënne mir méi wéi 100 Autoen, Motorrieder an Transporter bewonneren.

Hei iesse mir och an engem flotte Kader zu Mëtteg.

Mëttes besteet d'Méiglechkeet mat der Panoramabunn eng kuerz Rees duerch Bernkastel-Kues laanscht déi wichtegst Sehenswierdegkeeten ze maachen oder einfach op eege Fauscht duerch d'Stad ze scharwenzelen.

MËTTWOCHS,
26|04|2023

TRËFFPUNKT: PARKING ARCA
AUERZÄIT: 08:15
RETOUR: GÉINT 17:00

PRÄIS: 45 € (OUNI IESSEN)
UMELDUNG BIS : 19|04|2023

VISITT VUM BUDDAH-MUSEUM AN DER STAD TRABEN-TRARBACH

03

Buddah-Museum

An enger fréierer Kellerei ass zu Traben-Trarbach am Dezember 2009 eng Sammlung vu méi wéi 2000 Buddhaen aus verschiddenen asiatesche Länner ëffentlech gemaach ginn. Op 5000 m2 gi mir duerch eng Kultur gefouert, déi de Buddhismus als Léier, Philosophie a Relioun vu verschiddene Kulturkreesser opliewe léist. Dës Sammlung, déi Skulpture besetzt déi méi wéi 700 Joer al sinn, faszinéiert vill Leit haut dës Daags duerch hir magesch Wierkung an dat schonns méi wéi 2500 Joer. D'Komplexitéit vum Buddhismus gëtt mat moderne Multimedia-Installatioune presentéiert.

Dono gi mir zesummen an den Hotel Belle-Vue zu Mëtteg iessen.

Am Nomëtteg maache mir eng geféiert Visitt vun Traben-Trarbach. Dës Duebelstad ass bekannt duerch hir aussergewéinlech Jugendstil-Villaen a hir Ënnerwelt mat engem kilometerlaange Labyrinth, deen aus lauter verwëllefte Kellere besteet. Mee och barock a klassizistesch Bauwierker, sou wéi déi typesch Architektur vun der däitscher Musel, bilden d'Bild vun dësen zwou Stied. D'Haaptkennzeeche sinn awer d'Brückentor, d'Bergruine Grevenburg an d'Festung Mont Royal.

Konditioun: Gutt zu Fouss (vill Trapen am Musée)

MËTTWOCHS,
03|05|2023

TRËFFPUNKT: PARKING ARCA
AUERZÄIT: 08:00
RETOUR: GÉINT 20:00

PRÄIS: 135 € (MAT IESSEN)
UMELDUNG BIS : 19|04|2023

VISITT VUM MUSÉE LALIQUE
AN EN TOUR OP SAVERNE

04

Musée Lalique

D'Glas huet de Bijoutier, René Lalique, schonn ëmmer faszinéiert. No enger immenser Karriär als Bijou's Kënschtler bei ganz renomméierte franséischen Haiser, huet hien d'Verrerie d'Alsace 1921 gegrënnt. Haut kann ee méi wéi 650 Exponate bewonneren, déi vun him a sengen Nokomme kreéiert goufen. Bei enger gefouerter Visitt gi mir an d'Magie vun dëser Matière agefouert.

Mëttes iesse mir am Restaurant Bistro du Musée.

Nom Iesse fuere mir op Saverne, eng Stad, déi als Porte d'Alsace, Versailles aus dem Elsass oder och Stad vun der Rous genannt gëtt. Hei kënnt Dir no Loscht a Laun ee Spadséiergang laanscht de Kanal maachen, d'Rohanschlass oder och d'Maison Katz bewonnere goen.

DONNESCHDES,
11|05|2023

TRËFFPUNKT: PARKING ARCA
AUERZÄIT: 07:30
RETOUR: GÉINT 21:00

PRÄIS: 45 € (OUNI IESSEN)
UMELDUNG BIS : 27 | 04 | 2023

MUSÉE LALIQUE

MEE

CINÉMA

« TOUT S'EST BIEN PASSÉ »

Comédie dramatique de François Ozon

05

05

Sophie Marceau

Alors qu'elle travaille un texte, Emmanuelle (Sophie Marceau), romancière, apprend avec stupéfaction que son père André (André Dussollier), vient d'être victime d'un AVC et court rejoindre sa sœur Pascale (Géraldine Pailhas) pour lui rendre visite à l'hôpital. Sur place, elles découvrent un homme profondément diminué et révolté par sa condition. Sur le trajet qui la ramène chez elle, les souvenirs affluent à la mémoire d'Emmanuelle. Peu de temps après, alors que les deux sœurs rendent visite à leur père, celui-ci manifeste clairement la volonté d'en finir avec la vie. Emmanuelle et Pascale sont profondément affectées par cette révélation.

MERCREDI,
17|05|2023

Movie Time

OÙ :	ARCA	DURÉE :	113 MINUTES
HORAIRE :	15:00	UMELDUNG BIS:	16	05	2023
PRIX :	GRATIS		

AUSFLUCH
MAT DER KOMMISSIOUN 50+ OP VERDUN

06



Verdun

An Zesummenaarbecht mat der Kommissioun 50+ organiséiert de Schäfferot eng Visitt op Verdun.

PROGRAMM:

DEPART:

07.30 Auer beim Domaine Schwall
07.40 Auer bei der Gemeng
07.50 Auer bei der ArcA
08.00 Auer zu Helfent Résidences Fleuries

MOIES: (trefft Äre Choix)

- ☐ Visite guidée vun der Cathédrale Notre Dame an der Cour du palais Episcopal
- ☐ Visitt vum der Fabrick Dragées Braquier

NOMËTTES: (trefft Äre Choix)

- ☐ Tour vum Champ de Bataille
- ☐ Visitt zu Fouss mat Guide vun der Stad Verdun
- ☐ Fräizäit

OWESIESSEN:

Géint 19.00 Auer am Restaurant "De Spackelter" zu Leideleng.

PRÄIS:

- ☐ 25 € fir d'Awunner vu Bartreng, déi 60 Joer oder méi al sinn
- ☐ 60 € fir d'Awunner vu Bartreng déi ënner 60 Joer sinn
- ☐ 100 € fir Begleetpersounen, déi net Awunner vu Bartreng sinn

Mir invitéiere jiddereen deen intresséiert ass, op der Fiche d'Inscriptioun säi Programm unzekräizen an dës am Sekretariat vun der Gemeng of ze ginn oder per Mail eran ze schécken.

▼

MËTTWOCHS,
24|05|2023

CONTACT: NADINE SCHMIT
TEL. : 26 312 334
NADINE.SCHMIT@BERTRANGE.LU

RETOUR: GÉINT 17:00
UMELDUNG BIS : 28 | 04 | 2023
MAXIMAL 90 PARTICIPANTEN

MEE

07

FILMNOMËTTEG
"UNSERE SEELEN BEI NACHT"

Ee Libesdrama vum Ritesh Batra

07

Robert Redford

De Louis Waters (Robert Redford) lieft säit dem Doud vu senger Fra eleng am Colorado. Seng Duechter Holly (Judy Greer) gesäit hien net oft. Änlech geet et senger Nopesch Addie Moore (Jane Fonda), déi och Wittfra ass, a just heiansdo hire Jong Gene (Matthias Schoenaerts) mat hirer Enkelin Jamie (Iain Armitage) gesäit. Déi zwee kennen sech awer kaum, bis enges Daags d'Holly virum Louis senger Dir steet an him een ongewéinleche Virschlag mécht...



MËTTWOCHS
07|06|2023

Movie Time

WOU:	ARCA
AUERZÄIT:	15:00
PRÄIS:	GRATIS

FILMDAUER:	103 MINUTTEN
UMELDUNG BIS:	06	06	2023

08

Beforter Schlass

VISITT VUM BEFORTER SCHLASS

BEAUFORT
CASTLES

Mir mussen net ëmmer wäit fuere fir schéi Plazen ze gesinn. Matten am Mëllerdall, an der schéiner Natur hu mir zwee Schlässer, déi mir no engem gemeinsame Mëttegiesse besichen.

Dat éischt ass eng Buerg aus dem Mëttelalter, déi tëschent 1050 an 1650 entstanen ass. Déi imposant Ruine sinn no groussen Aarbechte scho säit 1932 zougänglech fir d'Ëffentlechkeet a gëllen haut als historescht Monument. Quasi ëm den Eck steet d'Renaissance Schlass aus dem 17. Joerhonnert. Mat engem Guide zesummen dierfe mir eis den Interieur ukucken, deen den Zauber aus der Vergaangenheet bezeit. No dëser Féierung kréie mir och nach den hausgemaache Cassero Likör ze schmaachen.



DONNESCHDES,

08|06|2023

TRËFFPUNKT:	PARKING ARCA
AUERZÄIT:	11:00
RETOUR:	GÉINT 18:00

PRÄIS:	40 € (OUNI IESSEN)
UMELDUNG BIS :	01 | 06 | 2023

VISITT VUN DEN
DOMAINES VINSMOSELLE

09

09

Domaines Vinsmoselle

Zu Welleschten befënnt sech déi gréisst Kellerei vu Lëtzebuerg. Si ass 1930 gegrënnt ginn. Et handelt sech em de gréisste vu véier Site vun den Domaines Vinsmoselle.

Mir kréien eng gefouert Visitt duerch d'Kelleren, ginn eppes iwwert d'Geschicht vum gréisste lëtzebuergesche Wäiproduzent gewuer a kréien natierlech och dat eent oder anert Glas ze schmaachen.

Zu Mëtteg iesse mir am Bistrot Gourmand.

Nom Mëttegiesse fuere mir op Rëmerschen,woumird'Méiglechkeet hunn, de Naturschutzzentrum Biodiversum ze gesinn oder einfach bësse ronderëm d'Baggerweieren ze spadséieren an eppes op der Terrass ze drénken.

DOMAINES VINSMOSELLE
LUXEMBOURG

MËTTWOCHS,
14|06|2023

TRËFFPUNKT: PARKING ARCA
AUERZÄIT: 09:30
RETOUR: GÉINT 18:00

PRÄIS: 35 € (OUNI IESSEN)
UMELDUNG BIS : 07 | 06 | 2023

FILMNOMËTTEG
« CORSAGE »

Een historeschen Drama vum Marie Kreutzer mat der lëtzebuergescher Filmschaupillerin Vicky Krieps.

Vicky Krieps

Déi éisträichesch Keeserin Elisabeth (Vicky Krieps) gëtt bewonnert fir hir Schéinheet an ass bekannt dofir Moude-Trends ze inspiréieren. Chrëschtdag 1877 kritt d'Keeserin hir 40 Joer a gelt domat als al Fra. Fir dësem Bild entgéingt ze goen an hiert Image als déi schéi Keeserin ze erhalen, streckt Si hire Korsage ëmmer méi enk. Wärend hir Roll an der Ëffentlechkeet ëmmer méi reduzéiert gëtt, sicht Si no der Begeeschterung vu fréier.

MËTTWOCHS
05|07|2023

Movie Time

WOU:	ARCA
AUERZÄIT:	15:00
PRÄIS:	GRATIS
FILMDAUER:	113 MINUTTEN
UMELDUNG BIS:	04	07	2023

SUMMERFEST 2023

Summerfest 2023

Esou lues freeë mir eis all op d'Summervakanz, wou et bei jidderengem vläicht ee bësselche méi roueg gëtt an doduerch een sech och gutt erhuele kann.

Mee virdru wëlle mir Iech, zesumme mat der Kommissioun 50+, nach häerzlech op eist Summerfest invitéieren als Ofschloss fir eng ganz flott Saison.

DONNESCHDES,
06|07|2023

TRËFFPUNKT: CENTRE ATERT
AUERZÄIT: 11:30

PRÄIS: 20 €
(IESSEN & 1 APÉRITIF)
UMELDUNG BIS : 20|06|2023



EISE FOTO RÉCKBLÉCK

TRËPPELTIER

mam Edmond Pansin an mam
Christelle Bailey & Margot Jemming



ABBAYE DE STAVELOT

(25.01.23)

KLOUSCHTERBÄCKERE & FLIGERMUSÉE

Ausfluch (08.02.23)

PHILHARMONIE

Ausfluch (16.11.22)

STADE DE LUXEMBOURG

(24.10.22)

THÉ DANSANT

Oktoberfest (09.10.22)

TRIP OP NÜRNBERG, INGOLSTADT & MÜNCHEN

an dem Wëltzer Schlass (30.11.2022 - 03.12.2022)

QATAR

NOTES

INFORMATIONEN - **INFORMATIONS**

Einschreibung // Inscription

WICHTIGE HINWEISE :

Die Teilnahme an Aktivitäten erfolgt auf eigene Verantwortung.

Anmeldungen werden telefonisch und per E-Mail entgegengenommen. Sie werden umgehend informiert, ob ein Platz frei ist oder ob Sie auf der Warteliste stehen.

Wurde Ihnen mündlich oder per E-Mail ein Platz zugesichert, dann überweisen Sie binnen 7 Tagen den entsprechenden Betrag mit dem korrekten Vermerk.

Ihre Anmeldung ist verbindlich.

Sollten Sie aus gesundheitlichen Gründen absagen müssen, so informieren Sie uns sofort. Unter Umständen können wir Ihren Platz an einen Interessenten weitergeben. Die für uns entstehenden Unkosten werden nicht zurückerstattet.

Bei vielen Aktivitäten werden Fotos von den Teilnehmern gemacht. Diese werden zu Veröffentlichungen im Club und auf der Homepage der Gemeinde Bartringen genutzt. Sind sie nicht damit einverstanden, dass ein Foto von Ihnen veröffentlicht wird, dann teilen Sie uns dies schriftlich mit.

AVIS IMPORTANTS :

L'usager participe aux activités à ses propres risques. La commune décline toute résponsabilité en cas d'accident.

Les inscriptions aux activités se font soit par téléphone, soit par courriel.

En cas de confirmation de votre inscription, veuillez effectuer le paiement dans les meilleurs délais.

Votre inscription est contraignante.

Si vous êtes dans l'incapacité de participer aux cours pour des raisons médicales, veuillez-nous en informer dans les meilleurs délais. Le cas échéant, votre place sera confiée à une personne sur la liste d'attente. Les frais d'inscription ne peuvent être remboursés dans aucun cas.

Lors de toute activité, des photos peuvent être prises et peuvent être reprises dans des publications. Si vous ne voulez pas figurer dans des publications, veuillez nous en informer en avance et par écrit.

EINSCHREIBUNGEN /// INSCRIPTIONS

CLUB AM SCHLASS – 26 312 250/255 OU CLUBAMSCHLASS@BERTRANGE.LU

COMPTES BANCAIRES : BCEE LU15 0019 1001 0292 6000

CCPL LU54 1111 0070 9110 0000

Club Am Schlass

SERVICE SENIORS
2, BEIM SCHLASS | L-8058 BERTRANGE

LUNDI - VENDREDI DE 08:00 - 16:00

EMAIL: CLUBAMSCHLASS@BERTRANGE.LU
TELEFON: 26 312 - 250 / - 255

Club Am Schlass

WWW.BERTRANGE.LU

Commune de BERTRANGE